Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

News

14.9.2018 Face-à-face Fred Keup (adr) - Claude Meisch (DP)

14 **Sep** *2018*

(comments: 0)

De Fred Keup versteet d'Problemer vun de Leit, de Claude Meisch verteidegt den Turbokapitalismus vun der DP.

Dat ass eis Meenung. Mee lauschtert selwer!
http://radio.rtl.lu/emissiounen/face-a-face/1237519.html

Read more … 14.9.2018 Face-à-face Fred Keup (adr) - Claude Meisch (DP)

10.9.2018 Fir eis Sprooch!

12 **Sep** *2018*

(comments: 0)

Et héiert een ëmmer manner Lëtzebuergesch dobäussen. D'Lëtzebuerger Sprooch verschwënnt lues a lues aus dem ëffentleche Raum, a gëtt virun allem duerch Franséisch ersat.

Dobäi ass Franséisch fir 90% vun den Awunner eng schwéier Friemsprooch an et ginn vill Leit, déi sech ganz schwéier dinn fir Friemsproochen ze léieren (z.B. Leit mat Behënnerung, Leit mat Sproocheproblemer, Leit mat Léierschwieregkeeten) oder se vergiessen (al Leit, dement Leit, Leit déi laang am Ausland gelieft hunn) oder se nach net geléiert hunn (Kanner, Auslänner).

Fir d'Gambia-Regierung an d'CSV-Deputéiert ass eis Sprooch awer leider net wichteg. Nom Referendum hu si de Niveau vum Sproochentest fir d'Nationalitéit ze kréien nach weider erofgesat. An der Spillschoul huet Gambia wäertvoll Lëtzebuergesch-Stonnen ewechgeholl an duerch Franséisch ersat. De Minister Meisch ass esouguer sou wäit gaangen an hien huet d'Franséisch Sprooch zur „langue de survie" vu Lëtzebuerg deklaréiert.

Wat muss elo gemaach ginn?

- D'Wichtegkeet vum Lëtzebuergesch, als eenzeg Nationalsprooch vum Land, am Alldag ervirsträichen.

- D'Presenz vun der Lëtzebuerger Sprooch verstäerken, op den Internetsäiten vu Gemengen a vum Staat, op de Stroosseschëlter a Bréiwer a iwwerall am ëffentlechen Räum.

- Lëtzebuergesch unerkennen loossen als eng offiziell Sprooch vun der EU.

- De gemeinsamen Schoulsystem op Lëtzebuergesch als beschten Integratiounswee ervirsträichen.

- d'Immigranten dozou motivéieren fir als éischt Sprooch Lëtzebuergesch ze léieren, an hinnen erlaben zu Lëtzebuerg ze liewen (an ze iwwerliewen), ouni zwéngend Franséisch mussen ze kënnen.

Dës Moossnahmen schueden kengem! Si stäerken d'Integratioun an hëllefen eiser. An dofir maachen mir dat!

Read more … 10.9.2018 Fir eis Sprooch!

31.08.2018 Eng kloer Sprooch a couragéiert an onkamoud Positiounen

31 **Aug** *2018*

(comments: 0)

http://www.rtl.lu/letzebuerg/1231249.html

Read more … 31.08.2018 Eng kloer Sprooch a couragéiert an onkamoud Positiounen

31.08.2018 Haut virun 76 Joer hunn d'Lëtzebuerger sech an engem kollektiven Resistenzakt géint d'Nazien gewiert

30 **Aug** *2018*

(comments: 0)

Den 31. August 1942 koum et zu Lëtzebuerg zu engem Generalstreik vum ganze Vollek.

De Grond war d'Ukënnegung vum däitschen Nazibesatzer fir d'Zwangsrekrutéierung fir d'Lëtzebuerger an déi däitsch Wehrmacht anzeféieren.

Viséiert waren all d'Jongen zwëscht 18 an 22 Joer, also d'Joergäng 1920 bis 1924. (spéider och nach bis 1927).

D'Resistenz vun engem klenge Vollek géint den iwwermächtege Besatzer huet an der ganzer Welt Bewonnerung ervirgeruff.

D'Nazien ware blaméiert an si hunn mat aller Gewalt zereckgeschloen: 21 Lëtzebuerger goufen direkt erschoss, vill koumen a Konzentratiounslager.

Duerch de Generalstreik hunn d'"Preisen" sech net méi getraut fir och nach déi aner Joergäng anzeruffen. (Zum Verglach: Am Elsass sinn d'Joergäng vun 1907 bis 1927 ageruff ginn)

An der "Märtyrerstadt" Wolz, wou de Streik ugefaangen hat, erënnert nach haut dëst Monument un de Streik vun 1942.

Duerch d'Zwangsrekrutéierung sinn 2.848 Lëtzebuerger gestuerwen.

Am Ganzen kruten 4.400 Lëtzebuerger den Titel "mort pour la patrie". Ënnert hinnen eben déi 2.848 verstuerwen Zwangsrekrutéiert, dann nach ronn 600 Persounen, déi duerch Krichshandlungen gestuerwen sinn an ronn 800, déi an de Lager oder Prisongen gestuerwen sinn.

Read more … 31.08.2018 Haut virun 76 Joer hunn d'Lëtzebuerger sech an engem kollektiven Resistenzakt géint d'Nazien gewiert

28.8.2018 FRED KEUP vs. YVES CRUCHTEN 1-0

28 **Aug** *2018*

(comments: 0)

De Fred Keup schwätzt Kloertext!

https://www.100komma7.lu/audio/87129
Lauschtert d'Sträitgespréich!
FRED KEUP vs. YVES CRUCHTEN

an sot eis är Meenung!

Am Oktober 2018 gi mir mat an d'Chamberwahlen fir eis fir eis Ziler anzesetzen. Mir sinn mat 6 Kandidaten vum Wee2050 op der Lëscht 7 vun der ADR!

Read more … 28.8.2018 FRED KEUP vs. YVES CRUCHTEN 1-0